

Opbriedchen

LU



Du Gott vun all neiem Ufank,
duerch de Jesus, däi Jong,
riffs du äis zesummen op de Wee
fir al Gewunnechten hannert äis ze loossen
a Neies ze woen.

Léier äis zesummen ënnerwee ze sinn,
am Licht vum Evangelium.
Stäerk äis an der Wouerecht,
fir datt däi Räich vu Gerechtegkeet
a Fridde ka wuessen.

Du Gott vun all neiem Ufank,
schenk äis däin Hellege Geesch,
deen äis an eng nei Zäit féiert.

Du Gott vun all neiem Ufank,
ruff déi Gedeeften an Eenheet zesummen.
Schenk Orientéierung deenen, déi sichen,
Trouscht deenen, déi zécken,
Zouversicht deenen, déi zweifelen.

Du Gott vun all neiem Ufank,
schenk äis de Courage
fir ëmmer nees nei op däi Wuert ze lauschten.
Maach eise Bléck fräi fir
d'Wierklechkeet ze gesinn, an där mir liewen.
Léier äis een deem aneren nozelauschten,
fir däi Wëllen ze erkennen.

Du Gott vun all neiem Ufank,
Looss äis net batter oder ongerecht ginn,
mee schenk äis een Häerz voll Léift fir dës Welt.
Duerch däi Jong Jesus,
mach aus äis all missionaresch
Jüngerinnen a Jünger.

Amen.

